# GOTTESDIENSTORDNUNG

**Sonntag, 30. April 1995**
**3. Sonntag der Osterzeit**

| | | |
|---|---|---|
| **Kathedrale:** | Samstag: | 17.00 Uhr, Muttergottesandacht |
| | | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | Feier der 1. Heiligen Kommunion |
| | | 9.00 Uhr, Gemeinschaftsmesse |
| | | 10.30 Uhr, Feier der 1. Heiligen Kommunion |
| | | 12.00 h, messe en français |
| | | 17.00 Uhr, Danksagungsandacht mit Weihe an die Muttergottes |
| | | 18.30 Uhr, Abendmesse |
| **Kathedrale (Krypta):** | Domenica: | messe alle ore 10 et 11 |
| **Herz-Jesu-Pfarrei:** | Samedi: | 18.00 h, messe de la vigile |
| | Dimanche: | 8.30 h, messe chantée en français |
| | | 9.45 Uhr, Hochamt mit gregorianischem Choral |
| | | 11.00 h, messe pour les familles |
| | | 18.00 Uhr, Abendmesse |
| **Église St-Michel:** | Samstag: | 19.00 Uhr, Vorabendmesse in kroatischer Sprache |
| | Sonntag | 11.15 h, messe avec homélie en français |
| | | 12.15 Uhr, Messe in kroatischer Sprache |
| **Klosterkirche St. Alfons:** | Samstag: | 18.00 h, messe de la veille |
| | Sonntag: | 7.00 p.m., English Mass |
| | | 8.30 Uhr, Messe in deutscher Sprache |
| | | 10.00 h, grand-messe |
| | | horas 17.00, missa para os Portugueses |
| **Beggen:** | Sonntag: | 10.00 Uhr, Erstkommunionfeier |
| | | 17.00 Uhr, Andacht mit Widmung an die Muttergottes |
| **Belair:** | Samedi: | 18.00 h, confessions |
| | | 18.30 Auer, Virowendmass |
| | Dimanche: | 9.15 h, grand-messe chantée par la chorale |
| | | 10.30 Auer, Familjemass |
| | | 11.30 h, messe en français |
| | | 18.00 Auer, Vesper am Mutterhaus vun de Franziskanerinnen |
| | | 20.00 Auer, Owesmass |
| **Bonneweg:** | Samstag: | 18.00 Uhr, Messe in Bonneweg-Nord |
| | | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 8.00 h, messe en portugais |
| | | 9.00 Uhr, Gemeinschaftsmesse |
| | | 10.00 Uhr, Hochamt |
| | | 10.00 h, messe en italien en la crypte |
| | | 11.15 Auer, Kannermass |
| | | 15.00 Uhr, Rosenkranz |
| | | 18.30 h, messe du soir en français |
| **Centre Hospitalier Luxembourg:** | Sonntag: | 19.00 Uhr, hl. Messe |
| **Cessingen:** | Samstag: | 18.00 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 10.15 Uhr, Hochamt für die Pfarrei |
| **Christkönigskapelle (23, av. G. Diderich):** | Samedi: | 18.45 h, eucharistie (langue luxembourgeoise) |
| | Dimanche: | 10.30 h, eucharistie et prédication en français |
| **Clausen:** | Sonntag: | 10.00 Uhr, Hochamt |
| **Dommeldingen:** | Samstag: | 18.00 Uhr, hl. Messe |
| **Eich (Klinik):** | Samstag: | 16.30 Uhr, Vorabendgottesdienst |
| **Eich (Pensionat):** | Sonntag: | horas 9.00, missa para os Portugueses |
| **Fetschenhof-Cents:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 10.45 Uhr, Hochamt |
| **Gasperich:** | Samstag: | 18.00 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 10.00 Uhr, Hochamt (Feier der 1. Heiligen Kommunion) |
| | Montag: | 10.00 Uhr, Danksagungsmesse |
| **Glacis-Kapelle:** | Samstag: | 18.15 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 8.30 Uhr, hl. Messe |
| | | 10.30 Uhr, holländische Messe |
| **Hamm:** | Samstag: | 16.00 Uhr, Gottesdienst im Altersheim |
| | Sonntag: | 9.30 Uhr, Hochamt |
| **Hollerich:** | Samstag: | 19.00 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 9.15 Uhr, Hochamt für die Pfarrei |
| | | 11.00 p.m., English Mass |
| **Kiem:** | Samschdeg: | 17.00 Auer, Mass (salle polyvalente) |
| **Kirchberg:** | Sonndeg: | 9.30 Auer, Mass |
| **Kloster der Dominikanerinnen (Limpertsberg):** | Sonntag: | 9.00 Uhr, hl. Messe |
| **Pfarrei St. Joseph Limpertsberg:** | Samedi: | 18.30 h, messe du soir |
| | Dimanche: | Fête de la première communion |
| | | 9.30 h, les enfants se rassemblent à l'école primaire, rue Henri VII |
| | | 9.45 h, procession à l'église |
| | | 10.00 h, célébration pour la première communion |
| | | 11.30 h, messe en français |
| | | 17.00 h, célébration d'action de grâce avec consécration des enfants à la Sainte Vierge |
| | | 18.30 h, messe du soir |
| **Merl:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 8.00 Uhr, hl. Messe |
| | | 10.00 Uhr, Hochamt |
| **Monastère du Carmel:** | Samedi: | 17.00 h, eucharistie |
| | Dimanche: | 9.00 h, eucharistie |
| **Mühlenbach:** | Sonntag: | 9.00 Uhr, hl. Messe |
| | | 10.15 Uhr, Feier der 1. Heiligen Kommunion (Europ. Pfarrei) |
| **Neudorf:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | | 19.15 Uhr, Messe für die polnische Gemeinde |
| | Sonntag: | Feier der 1. Heiligen Kommunion |
| | | 8.15 Uhr, Messe in der Privatschule Ste-Sophie |
| | | 9.00 Uhr, Messe im Karmelkloster |
| | | 10.30 Uhr, feierliches Hochamt |
| | | 17.00 Uhr, Muttergottesandacht |
| | Montag: | 9.15 Uhr, Danksagungsmesse (Karmel) |
| **Pfaffenthal:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 10.00 h, messe en langue portugaise |
| **Rollingergrund:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | Feier der 1. Heiligen Kommunion |
| | | 9.15 Uhr, Versammeln der Kinder und Ortsvereine im Hof der alten Schule |
| | | 9.30 Uhr, Abgang der Prozession zur Pfarrkirche |
| | | 10.00 Uhr, feierliche Messe |
| **Stadtgrund:** | Sonntag: | 9.15 Uhr, Hochamt (portugiesisch) |
| | Dimanche: | 11.00 h, messe en français |
| **Weimerskirch:** | Sonndeg: | Feierlech 1. Kommunioun |
| | | 15.00 Auer, Opstelle vum Cortège am Schoulhaff, rue Lamormesnil |
| | | 15.10 Auer, Départ fir an d'Kiirch |
| | | 15.30 Auer, feierlech Kannermass |
| | Méindeg: | 10.30 Auer, Danksagungsmass an der Parkiirch |
| **Radiomesse:** | Sonntag: | 10.30 Uhr, Sonntagsmesse aus der Kapelle vom „Härebierg" |

### DEKANAT REMICH

| | | |
|---|---|---|
| **Remich:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 9.00 Uhr, Hochamt |
| | | Die Messe von 10.30 Uhr fällt aus |
| | | 18.30 Uhr, Abendmesse |
| **Mondorf-les-Bains:** | Samstag: | 18.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | keine Frühmesse |
| | | 10.00 Uhr, Messe auf dem Camping |

### DEKANAT MERSCH

| | | |
|---|---|---|
| **Mersch:** | Samstag: | 19.30 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 10.30 Uhr, Messe |
| | | 19.30 h, messe en français |

### DEKANAT DIEKIRCH

| | | |
|---|---|---|
| **Diekirch:** | Samstag: | 19.00 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 8.30 Uhr, hl. Messe |
| | | 10.30 Uhr, Hochamt |
| **Ettelbrück:** | Samstag: | 19.00 Uhr, Vorabendmesse |
| | Sonntag: | 10.30 Uhr, Sonntagsmesse |
| | | 14.00 Uhr, portugiesische Messe |
| | | 16.00 Uhr, italienische Messe |
| | | 19.00 Uhr, Abendmesse |

### DEKANAT ECHTERNACH

| | | |
|---|---|---|
| **Echternach:** | Samstag: | 18.00 Uhr, Muttergotteskapelle: Vorabendmesse |
| | | 18.30 Uhr, Basilika: Vorabendmesse |
| | Sonntag: | Basilika: |
| | | 9.00 Uhr, Gemeinschaftsmesse |
| | | 10.00 Uhr, Hochamt |
| | | 11.15 h, messe en français |
| | | 18.30 Uhr, hl. Messe |

**PAROISSE EUROPÉENNE CATHOLIQUE**
**Messes du dimanche**

ST-JEAN (GRUND): dimanche 30/4/95, messe en français, 11 h

GLACISKAPELLE: Zondag 30/4/95, nederlandstalige Mis, 10.30 uur

ST-FIACRE (MÜHLENBACH): Sonntag 30/4/95, 10.15 Uhr, Feier der 1. Heiligen Kommunion

EGLISE DE HOLLERICH: Sunday 30/4/95, English Mass, 11 Hours

ST-ALPHONSE: Saturday 29/4/95, English Mass, 19 Hours

**POLSKA MISJA KATOLICKA**

29.4.1995 – LUXEMBOURG, Église Saint-Henri, 242, rue de Neudorf – 19.15: Za zm. Stanislawa Luczaka, Leona Czupryniaka i Pawla Nowaka.

30.4.1995 – ESCH-SUR-ALZETTE, Chapelle Sainte-Croix, 5, bd Prince Henri – 16.30: W pewnej intencji.

**EGLISE ORTHODOXE-RUSSE DE SAINTS-PIERRE-ET-PAUL**

10, rue J.-P. Probst (place de l'Etoile) Luxembourg
Samedi: 17.00 h, vigiles
Dimanche: 10.30 h, Divine Liturgie

**EGLISE ORTHODOXE-GRECQUE DE SAINTS-CÔME-ET-DAMIEN**

3, rue de Pulvermühl, Luxembourg
Dimanche: 10.00 h, Divine Liturgie

**EVANGELISCHE GOTTESDIENSTE**
**für den Sonntag**
**Misericordias Domini**
**den 30. April 1995**

DREIFALTIGKEITSKIRCHE – Rue de la Congrégation – 10 Uhr, Gottesdienst in deutscher Sprache mit Kindergottesdienst

EVANGELISCHE GEMEINDE DEUTSCHER SPRACHE BEI DEN EUROPÄISCHEN GEMEINSCHAFTEN – Dreifaltigkeitskirche – Gottesdienst um 10 Uhr mit Kindergottesdienst – 35, Av. Gaston Diderich – 17 Uhr, Vorstellungsgottesdienst der Konfirmanden

NEDERLANDSE PROTESTANTSE GEMEENSCHAP – 35, Av. Gaston Diderich – Kerkdienst um 10.30 uur – ds. H. Lofvers, Eindhoven

PROTESTANTISCHE DÄNISCHE GEMEINDE – Dreifaltigkeitskirche, Rue de la Congrégation kein Gottesdienst

PROTESTANTISCH-REFORMIERTE KIRCHE VON LUXEMBURG H.B. – Konsistorialkirche in Esch/Alzette – Rue de la Libération – Gottesdienst mit Taufe um 10 Uhr. Kindergottesdienst um 11.15 Uhr.

**ANGLICAN CHURCH**

KONVIKT CHAPEL: Sunday: 10.00 Holy Communion. 11.00 Holy Communion, Crèche, Junior Church and Sunday School.

**CENTRE CULTUREL ISLAMIQUE**

2, route d'Arlon
L-8210 Mamer

La prière du vendredi est célébrée chaque vendredi à 13.30 heures.

# *Eng KLACK fir eis SPROOCH*

ACTIOUN LËTZEBUERGESCH EIS SPROOCH
Adressen: Breedewee, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Telephon 47 06 12
Fax 22 24 90 & 45 83 89
Cotisatioun/Mêmber: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48

Redactioun fir dës „Klack"
de Comité
Jeannine Theis-Kauth
Norbert Zeches

Redactioun fir d'Klack N. 13 (27. Mee) mir an ... Dir!
Thema: ët wor esou ëm Päischten...

## Meedéier, Kiewerlek, Eechebëseler, Kiewerek, Kuessendéier, Akeschësser, Meekriwweler, Millendéier, Wäisskiewer ...a firwat da „Maikäfer"?

Just fir de Mee hu mir e blénkegt Beispill, wéi muttwëlles eis Sprooch plazeweis futtigemaach gët. An direkt am Zesummenhank läit esouguer en natiirleche Vergläich, an zwar grad do, wou d'Meedéier jo och eng vu sénge beléifste Plazen huet: an den Hoen an Hecken!

An de fofzeger Jore goufen uechter d'ganzt Land op eng hirmiddeg Fassong d'Hecken nët nëmme „gebotzt", mä Romp a Stomp ewechgeha; grad ewéi gemengt gin as mat denen eefälleg iwerflëssegen „Drainagen" all fiicht Plaz an der Gewan auszedrëchenen, fir datt méi „erageholl" kënnt gin... ee Gléck, d'NATURA huet sech gewiert a reklamméiert; eng Plakat huet denen engen aus dem Häerz a glécklecherweis dene Verantwortlechen an de Verstand geruff: Hecken an Hoen, loosst se stoen! Am selwechte Sënn as ët mat den Uwänner laanscht d'Summerweë gaang: d'Roserei mat der Séissel, der Méi-Maschin an dem „Onkraut-Sprëtzen" huet sech gin. Hei muss een de Leit vun der NATURA, dem Natur-Musée an dene vum PANDA-Club en déiwe Merci soen... Kennt Dir iwregens déi wonnerbar Zeitung vum Panda-Club? E Genoss fir eis Kanner a fir jiddfereen, och wat eis Sprooch ugeet!

Dann emol hanneschst bei eise Vergläich: Et geet dem Meedéier grad ewéi eiser Sprooch; mir haen „d'Hecken" ewech; mir „drainéieren" op de Mordjëss ... a wonneren äis iwer dat, wat iwreg bleift: schlecht Däitsch mat heckefranséische Korinthercher! Ët huet ee jo näischt géint „eist" Kulturjor... ower rechent emol aus, wéivill „Hecken" een an eiser Sprooch mat engem Brochdeel vun deem Honnerte-Millioune-Spill an eiser Sprooch kënnt „stacken" din, mat dene mir just e puer Méint „mat de grousse Muppe wëlle p... goen". Ma jëmmen a gewëss! Dat do as erëm dees fanatesche Gejäiz, dees Provënz-Geméffers, dees Bauerenduerf-Gebraddels, gelldir... Ower wat hu mir dann dovun, wa mir ët mat eiser Sprooch dselwecht dreiwen ewéi mat der Natur: eng méi arem kulturell Ëmwelt, deer eis Kanner a Kandskanner nokräischen!

Lex Roth

## de Mee: Sprooch a Sprëch

Mee kill an naass, fëllt dem Bauer Scheier a Faass.

Owes Da a kill am Mee, bréngt vill Wäin a kéipweis Hee.

E Beieschwaarm am Mee, as wäert e Fudder Hee.

Et soll ee sech nët am Mee bestueden (?)

Meeblimmchen (Schattenblümchen) – Meefësch (Alse) – Meekallef (Efalt) – Meekräut (Waldmeister) – Meeloft (woodleg Loft) – Meewäin (aplaz „Maitrank"!) – Meewoll (soll déi bescht Woll sin).

**Hutt Dir dru geduecht?**

Generalversammlung vun der Aktioun-Lëtzebuergesch

**haut um 3 Auer**

„Brasserie des Capucins"

***Eis Publikatiounen 1995***

• Extranummer 16: Mat de Veterinären ënnerwee

Extranummer 17: Lëtzebuerger Virnimm

Extranummer 3: Annoncen, Menuën asw. Nei gedréckt 5. Oplo!!

• An der Maach: – Psalmen op Lëtzebuergesch
– Veräinsschreiwereien
– Geschichten a Spiichten

All dës Hefter a Bicher si fir eis Mêmbre gratis oder 50% méi bëlleg. Jidderee kann se och um Tel. 47 06 12 bestellen (+ Porto).

## Vru 50 Jor...

*Déi aner Woch sin ët 50 Jor, datt de leschte Krich offiziell en Enn gemaach kritt huet. Ob mir elo, sproochlech gekuckt, vun „Armistice" oder vu „Waffestëllstand" sol-le schwätzen, dat as eng Saach vu Gefill, grad ewéi ee sech kann iwerleën, ob eist Land „befreit" oder „liberéiert" gin as. Eent steet fest: Mir hun esouvill houdäitsch a verdäitscht Ausdréck an eiser Sprooch, datt mir roueg dene laténgesch-romanesch-franséische Wiirder solle Plaz maachen... wann domat kee gestackt lëtzebuergescht erwiirgt gët.*

*An dësem Streech nach en anere Gedanken: 1945 wir eng formidabel Geleënheet gewiescht, fir eiser Sprooch – mat deer mir den Nazien 1941 esou eng patriotesch gefacht haten – verstänneg ower ouni falsch Schimmt hir richteg Plaz ze gin. Da wir haut villes normal, amplaz datt mir mussen dofir wudderen... an dacks fir koppeg Fanatiker gehal gin.*

*PW*

### Will Reuland, Fernand Lorang Jeanine Theis-Kauth...

dräi Nimm, déi Dir sollt behalen; zënter Joren as de Will Reuland all Woch mat engem flotten Artikel an eiser Sprooch an der „WARTE"; de Fernand Lorang huet an deerselwechter Kultur-Bäiluegt eng Serie op Lëtzebuergesch iwer de Minett... e Genoss!

Eis fläisseg an talentéiert Mataarbechterin J. Theis-Kauth huet äis fir dës Klack dëse „Brauch am Mee" vu Rëmeléng geschéckt:

Zou Rëmeléng hu bis Ufank vun dësem Joerhonnert déi jonk Meedercher sech am Mee bal nët op d'Strooss getraut, ët sief dann, si hätten den houbeschten Ennëschterack, mat enger handhéiger geheekelter Spëtz oder engem brodéierte „Wollang", ugehat.

Esoubal e puer zolitt Borschten eent vun hinnen erbléckst haten, hun s'ët bei de Schëlleren an un de Féiss gepaakt an ët der Längt no an d'Luucht gehuewen. Wat d'Meedche sech méi gestrieft huet, wat si méi Spaass haten, an et huet hinne glat näischt ausgemat, datt am Rescht vum Land nët grad schéin iwwer dësen ale Gebrauch geschwat gouf. Munche brave Baurejong, dee séng Kuuscht wollt op de Minett verdinge gon, krut virdrun den Teppel op den i gesat, fir datt heen an enger Géigend, wou ët esou schro hirgung, nët sollt ënnert d'Reeder geroden.

## „Et huet äis vill Spaass gemaach"

wor d'Äntwert vun dene 66 Kanner aus der Zentralschoul vun Dräibur op eise „Concours fir Abrëllsgecken" aus eiser leschter Klack. Mir felicitéieren och duerfir den Hären R. Muller a J.P. Rollinger, datt si hir Kanner fir dës Wuertspillereie konnte begeeschteren. Et wor fir si eng flott Manéier, fir eiser Uertschaftsnimm kennenzeléieren. Et kann een dat Spill och nach op vill aner Wierder maachen: probéiert emol mat eise Familjennimm.

D'Uertschaften, déi eise Witzbatty déi leschte Kéier besicht hat:

Wecker – Méchela – Bommel – Pärel – Bus – Stad – Furen – Mamer – Boxer – Leideléng – Giewel – Esch am Lach – Schmëdd – Feelen – Schleef – Bur – Weier – Supp – Duerscht – Esch – Bill – Lannen – Gëlt – Hénkel – Eech – Kap – Holz – Stroossen – Grenzen – Freckeisen – Schous – Moossen – Rëmeléng – Simmer – Ried – Ell – Iechternach – Déifferdéng.

Eng aner Kéier kënne mer dann och emol bis an d'Ausland fueren, nom Motto: „et as gutt Hary, bréng den Téi eran an dro en an de Salon, Nicki.

R.M.

## Bim... bam!

■ Dat klengt Sylvie war Kommissioune maachen. Wéi et erëmkënnt, freet séng Mamm: „So mol, Kënni, hues de nët zoufälleg gesinn, ob de Metzler Schwéngsféiss hat?" – „A wéi hätt ech dann dat solle gesin, Mamma", mengt d'Sylvie, „en hat dach Schung un!"

■ „Eisen Dackel huet awer grad esou kromm Been wéi de Monni Joss", mengt dee klenge Poli. „Dat däerfs du nët soen", rifft d'Mamm, „pass nëmmen op, datt en dech nët héiert!" – „Den Dackel versteet dat jo dach nët!", mengt dun de Pol.

■ D'Madame Weber seet zu hirer Botzfra: „Ma Loni, Dir musst déi Teppecher do vill méi fest ausklappen!" – „O Mamm, neen, Madame, ech hat et probéiert, mee da stëbst et zevill."

■ Wéi de Papp d'Mamm an d'Maternité gefouert huet, rifft hire klenge Bouf vu fënnef Joer hinnen nach séier no: „So, Mamm, looss Dir nëmme kee Meedchen opschwätzen; wa se kee Jong hun, da komm léiwer direkt erëm heem!"

## Léif Mamm, ech wees ët nët ze son...

Wa mer vun den Traditionen am Mount Mee schwätzen, dann däerfe mer eis Oktav nët vergiessen, déi – grad och duerch d'Oktavlidder – eng wichteg Roll fir eis Sprooch gespillt huet an nach ëmmer spillt. Fir all Lëtzebuerger, déi am Krich esou oder esou verschleeft gi waren, as d'Oktav e Stéck „Doheem" gewiescht, ob si gegleeft hun oder nët. Engt vun dene schéinste Muttergotteslidder as ganz sécher „Léif Mamm, ech weess et nët ze son". Ënnert dem Pseudonym „Bruder Klaus" hat de Geeschtleche Wëllem Weis fir d'Oktav 1938 am „Luxemburger Wort" den Text publizéiert an dobäi d'Hoffnung ausgesprach, datt vläicht e Komponist dësen Text vertoune kéint.

Aacht Deg méi spéit koum de Paschtouer vun Nidderaanwen, de Joseph Biwer, deen e grousse Musekkenner war, an d'Wunnéng vum Prisongsaumônier Wëllem Weis, hien huet dësem eng Melodie virgesong, déi hie fir dat Gedicht komponéiert hat. Den Dichter war begeeschtert.

Bei engem Konveniat vun de Primaner vun 1914 as „Léif Mamm" eng éischte Kéier an der Porkiirch zu Baaschtenduerf gesong gin. Mat grousser Spannung hun déi 33 Männer, déi do waren, op den Text an op d'Melodie gelauschtert, déi hinnen onbekannt waren.

Soubal d'Lidd am Drock erschéngen as, huet et fir lëtzebuergesch Verhältnësser eng ongewinnt grouss Verbreedung fond: 800 Partituren an 12 000 Gesankstëmme goufen an e puer Joer ofgesat... „a seen eist Lëtzebuerger Land!" – ët war batter néideg.

Am Oktober 1941 as de Komponist vum Lidd op Lyon gefuer, wou säi geeschtleche Brudder Nik Biwer an der Déportatioun gestuerwe war. Ënnerwee gouf de Joseph Biwer och vun der Gestapo geholl an an de Prisong vu Châlons-sur-Marne ageliwwert. Well do nët vill Plaz war, huet de Lëtzebuerger Geeschtlechen d'Zell misste mat dräi Hollänner deelen. Ee vun hinnen, de Bernhard Kemper, hat eng schéin Tenorstëmm. Hien huet „Léif Mamm" am Prisong op Hollännesch iwwersat, an ët krut esouguer 1949 den „Imprimatur" vum Utrechter Bistum.

1942 huet d'Gestapo d'Lidd verbueden, awer wat et méi verbuede gouf, wat d'Lëtzebuerger „hiirt" Muttergotteslidd ëmmer méi gesongen hun – a wann ët och nëmmen am Häerz war. Dee schéinsten Ament war sécher deen, wéi den 10. September 1944 „Léif Mamm" fir d'éischt erëm an der Kathedral ugestëmmt gouf, iwwerdeems de Bëschof Philippe de Prënz Felix virun d'Gnodebild vun der Tréischterin gefouert huet, fir mat him der Muttergottes Merci ze soe fir d'Liberatioun vun der Stad Lëtzebuerg.

C.B.

## Iess-Kultur as och eng Kulturform!

Am Kader vum Kulturjoer 1995 sin eng ganz Rei vun interessanten Ausstellungen a Manifestatioune geplangt, déi et sécher all derwäert sin, ënnerstrach ze gin. Dëser Deg gouf awer eng Iddi gebuer, déi et besonnesch verdéngt, datt eis Klack dofir laut.

Do hu sech dach fënnef Stater Restaurateuren zesummegedoen, fir den Touristen (an de Leit vun hei) op eng originell Art a Weis eppes vun eiser „Iess-Kultur" matzegin. Ënnert dem Motto „Kultur as och dat hei: e gudde Plättel an e Patt derbäi" hun d'„Brasserie à l'Ancre d'Or", d'„Maison des Brasseurs", d'„Brasserie des Nations", de „Café de la Paix" an de „Restoclub Am Pull" fir dëst Joer, nieft hiren normale Menüen, eng Rei vu Lëtzebuerger Spezialitéiten op hir Kaart geholl, déi een dat ganzt Kulturjoer iwwer schmaache kann. Nët ze vergiessen, datt den Ota Nalezinek fir dës wonnerbar Kultur-Initiativ eng herrlech Menüs-Kaart gezeechent huet!

Wéi wir et da mat enger gudder „Bouneschlupp", enger „Frell am Riesling", engem „Kënnbak mat Lënsen", engem „Rëmelénger Kabesmatsch mat Judd" oder enger „Ham am Hee"? Dat ganzt natiirlech ofgerënnt mat engem sëffege Lëtzebuerger Miseler? Well och dat Gebitt gehéiert jo bekanntlech zu eiser Lëtzebuerger Kultur, esou wéi an anere Länner hir Kach-, Iess- an Drénkgewunnechten och mat Recht e Stéck vun hirer Kultur ausmaachen.

An denkt drun: „Iessen an Drénken hält Läif a Séil zesummen... an d'Box erop!" wéi e Bekannte vu mir ëmmer seet.

C.B.